## EIS ENGAGEMENTER

- **Transparenz a verantwortungsvoll Gestioun**

Mir garantéieren eng transparent a rigoréis Gestioun. All Projet gëtt bis zu sengem Ofschloss suergfälteg begleet.

- **Respektéieren vun äerem Wonsch**

Ären Don gëtt ausschliisslech fir de Projet oder den Zweck agesat, deen Dir selwer gewielt hutt.

- **Ären Don kënnt integral dem Projet zougutt**

100 % vun Ärem Don ginn un de gewielte Projet weidergeleet. D'Fondation Hôpitaux Robert Schuman behält keng Fonctionnementskäschten an.

## WÉI KANN ECH EN DON MAACHEN?

*All Don zielt!*

Dir kënnt eis ënnerstëtzen:

- mat engem **Online-Don** op www.fhrs.lu
- per **Bankiwwerweisung oder Daueroptrag** op ee vun de folgende Konten vun der Fondation Hôpitaux Robert Schuman, mam Vermerk „Don Projet XXX"

BGL : LU58 0030 2765 3926 0000 BIC/ SWIFT: BGLLLULL



**Fondation Hôpitaux Robert Schuman**
44, rue d'Anvers, L-1130 Luxembourg
T +352 263 69900
www.fhrs.lu
www.facebook.com/fhrs

## NËTZLECH WEBSÄITEN

**Hôpitaux Robert Schuman**
www.hopitauxschuman.lu

**Santé Services**
www.santeservices.lu

**Gesondheets Zentrum**
www.gesondheetszentrum.lu

Zu Lëtzebuerg gedréckt
W. 07 2026 – Ed. 07 2026

# FONDATION HÔPITAUX ROBERT SCHUMAN



# DONEN

fhrs.lu
facebook.com/fhrs

## WIE SI MIR?

D'**Fondation Hôpitaux Robert Schuman (FHRS)** ass am Beräich vun der Gesondheet aktiv. Als Aktionär vun den Hôpitaux Robert Schuman (HRS S.A.), déi Spidolsaktivitéiten ob 3 verschidden Standuerter ubidd, an zwar um, Kirchbierg, ob der Gare an der Zitha an zu Esch-Uelzecht, d'Clinique Sainte-Marie.

D'FHRS ass och den Aktionär vu Santé Services S.A., engem Déngschtleeschtungsbetrib am Gesondheetsberäich.

Donieft bedraift d'Fondatioun och den Gesondheetszentrum op der Cloche d'Or. Dësen Zentrum ass actif am Beraisch vun der Fréierkennung (dépistage) an der Preventivmedeztin.

Zesummen mat den Hôpitaux Robert Schuman engagéiert sech d'Fondatioun, d'Spidol vun muer matzegestalten an d'Gesondheet vun de Mënschen nohalteg ze verbesseren. Dobäi konzentréiert si sech op **véier grouss Beräicher**:

1. Modernst medezinescht Material an Equipement finanzéieren
2. d'Fuerschung ënnerstëtzen
3. d'Aus- a Weiderbildung vun de Fleeg- a Gesondheetsequippen färderen
4. sech fir eng Mënschlech a Patiente-orientéiert Fleeg anzesetzen

Donen un d'Spidol si vu grousser Bedeitung fir d'Gesondheetsversuergung an d'klinesch Fuerschung. D'Fondatioun dréit dozou bäi, moder Infrastrukturen auszebauen, innovativ medezinesch Equipementer unzeschafen an zukunftsweisend Fuerschungsprojeten ze finanzéieren.

**ZESUMME BAUE MIR UN DER GESONDHEET VU MUER.**

## FIRWAT EN DON MAACHEN?

**Modernst medezinescht Material an Equipement finanzéieren**
Mat engem Don un d'Fondation Hôpitaux Robert Schuman ënnerstëtzt Dir gläichzäiteg eng Rei vu wichtege Projeten. An d'Gesondheet ze investéieren heescht, de Mënschen ze hëllefen, déi haut, muer oder an Zukunft op medezinesch Versuergung ugewisen sinn.

Är Donen finanzéieren ënner anerem Projeten, déi d' Patienten, d' Fleegepersonal, d' Dokteren, an d'Fuerscher an hirer deeglecher Aarbecht ënnerstëtzen. Sou kënne si nach besser behandelen, méi mënschlech Fleeg ubidden an d'Patienten an hir Familljen duerch schwiereg Situatioune begleeden. Mat Hëllef vun äeren Donen konnte mir beispillsweis de MAKO®-Roboter fir d'orthopädesch Chirurgie an den da Vinci-Roboter fir d'urologesch Chirurgie uschafen. (Wieder Projet fand dir ob eisem Internsite www.fhrs.lu )

**D'Fuerschung ënnerstëtzen**
Klinesch Fuerschung ass d'Grondlag vum medezinesche Fortschrëtt. Si erméiglecht et, Krankheeten ëmmer besser ze verstoen, nei Therapieformen z'entwéckelen an d'Gesondheetsversuergung kontinuéierlech ze verbesseren.
Donen droen entscheedend dozou bäi, innovativ Fuerschungsprojeten ze realiséieren an de Wee fir méi effizient Behandlungen an eng besser Gesondheet fir jiddereen opzemaachen.



**D'Aus- a Weiderbildung vun de Fleeg- a Gesondheetsequippen ënnerstëtzen**
Donen, déi fir d'Aus- a Weiderbildung bestëmmt sinn, erlaben de Gesondheetsberuffer un héichwäertege Formatiounen, spezialiséierten Atelieren a kontinuéierlecher Weiderbildung deelzehuelen.
Dëst garantéiert héich fachlech Kompetenzen an eng sécher, qualitativ héichwäerteg Gesondheetsversuergung.
Mat Ärem Don drod Dir direkt dozou bäi, d'Qualitéit vun der Fleeg weider ze verbesseren an dobai och déi bescht medezinesch Praktiken z'ënnerstetzen.

**Eng Mënschlech a Patienteorientéiert Fleeg stäerken**
Eng empathesch a patientezentréiert Fleeg ass e fundamentale Bestanddeel vun enger moderner Medezin.
Är Donen erlaben et, d'Gesondheetspersonal an empathescher Kommunikatioun a patientezentréierte Betreiungsforme weiderzebilden.
Sou hëlleft Dir mat, d'Vertrauen tëscht Patienten a Gesondheetspersonal ze stäerken an e Spidolsëmfeld ze schafen, dat vu Respekt, Matgefill a Mënschlechkeet gepräägt ass.
Beispiller dovu sinn d'Reesen, déi zënter iwwer 30 Joer fir Dialysepatienten organiséiert ginn, oder den therapeuteschen Emotiounsroboter PARO fir Persoune mat Verhalens- oder Kommunikatiounsstéierungen.

